**Un d'Membere vun der Kommissioun vum 3. Alter**

*Copie: Gemengerot vun der Gemeng Kiischpelt*
*Secretariat Gemeng Kiischpelt*

**Rapport vun der Komissiouns Versammlung vum**

**19. Abrëll 2024 (16 Auer) zu Wëlwerwolz**

**Présent:** Sepp Pannrucker; Marie-Josée Kaiser-Patz ; Antoinette Lutgen-Lentz ; Sandra Linster ; Yves Kaiser

**Abscent :** -

**Presentatioun vun den aktuellen Aktivitéiten:**

Momentan gëtt all 2. Donneschden am Mount zu Wëlwerwolz de Seniorenomëtteg ofgehalen. Hei treffen sech d'Seniore fir zesumme Kaart ze spillen, zesummen ze schwätze mat Kaffi a Kuch.
Dës Aktivitéit ass relativ gutt besicht, mee leider komme keng nei Léit méi bäi.
Am Mount August a September gëtt keen Seniorenomëtten ofgehalen.
Am Mount Mee fält dësen aus, an den nächste fënnt den 13. Juni statt.

**Ordre du jour**

***Punkt 1: Projets 2024 à envisager***

Organiséiert gëtt en Ausfluch an d'Staat fir eng Visitt vun der Philharmonie.
Start ass Moies um 10:25 op der Gare zu Wëlwerwolz, 10:30 Gare zu Kautebaach fir zesumme mam Zuch an d'Staat ze fueren. Vun der Stater Gare geet et mam Tram erop an d'Uewerstad wou zesummen zu Mëtteg gees gëtt. Duerno weider mam Tram op de Kierchbierg fir d'Visitt vun der Philharmonie. No dëser geet et mam Funiculaire erof an de Pafendall wou den Zuch zeréck op Wëlwerwolz resp. Kautebaach fiert.

*De Sepp freet bei der Philharmonie fir eng Visitt, an an der Brasserie du Cercle fir d'Mëttegeessen.*

***Datum vun der Aktivitéit: 23.Juli 2024***

Kommissioun 3. Alter
Gemeng Kiischpelt

Weider Aktivitéiten: - Ausfluch op Esch-Belval
-Tour mat der Marie Astrid -> *Sepp freet do Detailer no*
-Sesummenaarbecht mam Clubhaus op der Heed verdéiwen
-> *Sepp hellt mat hinne Kontakt op*
-Visitte vun Opféierungen am Cube 521 organiséieren

Prinzipiell bezuelen déi Léit déi un den Aktivitéiten deelhuelen dës selwer. (Entréeën, Essen a Gedrénks) Wann e Bus gebraucht gëtt, da ginn d'Onkäschte vun der Gemeng iwwerholl.

## ***Punkt 2: Publications des activités***

Eis Matbierger vu méi ewéi 60 Joer gi per Bréif iwwert d'Aktivitéite vun der Kommissioun vum 3. Alter informéiert. De Sepp preparéiert den Text an den Yves mécht de Layout. D'Bréiwer ginn iwwert d'Gemeng verschéckt, an d'Léit kënnen sech och op der Gemeng fir d'Aktivitéiten umellen.

## ***Punkt 3: Divers***

D' Josée huet proposéiert fir e Vëlostour ze organiséieren. Dëst kéint een zum Beispill beim VëloviaNorden maachen. Weider Detailer bleiwen nach ze klären.

## ***Punkt 4: Date de la prochaine réunion***

Datum fir déi nächst Reunioun ass den 12.Juli 2024

Wëlwerwolz den 26.04.2024

| | |
|---|---|
| **Sepp Pannrucker** | **Yves Kaiser** |
| President | Sekretär |